# Statuten vum Fanclub "BVB Amigo'en 09 Lëtzebuerg"

1. Den Numm vum Fanclub ass "BVB Amigo'en 09 Lëtzebuerg".
2. De Sëtz vum Fanclub ass 156, rue Principale, L-8611, Platen.
3. Den Fanclub gëtt gegrënnt fir Fussballfrënn, an enger kollegialer, an sportlecher Ambiance ze verbannen, an fir Fräizäit zesummen ze gestalten, an ze verbréngen.
4. Den Fanclub ass politesch onofhängeg.
5. Member kann jiddereen ginn, egal wat fir eng Nationalitéit. Persounen, déi manner ewéi 18 Joer hunn, kënnen nëmmen mam Averständnis vun engem Elterendeel Member ginn.
6. Member kann een duerch eng mëndlech, oder schrëftlech, Demande bei engem Comitésmember, ginn.

   Joersbäiträg sinn 0€ vun 0-9 Joer; 20€ vun 10-15 Joer, an 30€ ab 16 Joer.

   De Präis vum Joresbäitrag gëtt vum Comité bestëmmt, an muss 6 Méint am Viraus bekannt gemaach ginn.
7. All Member kann zu all Zäit duerch eng schrëftlech Démissioun un den Comité aus dem Fanclub austrieden.
8. All Member kann an folgenden Fäll aus dem Fanclub ausgeschloss ginn:
   - Wann den Member duerch säin Verhalen, dem Veräin BVB an dem Fanclub schuet.
   - Wann den Member säin Joeresbäitrag net bezuelt huet.

9. Den Fanclub gëtt vun engem Comité geleet, deen aus mindestens 5, oder maximal 9, Leit, besteet.
    - Dësen Comité besteet aus: President, Vizepresident, Sekretär, Keesier, an Bäisetzenden.
    - Den Comité muss op enger Generalversammlung fir d' Dauer vun 2 Joer duerch Wahlen mehrheetlech gewielt ginn.
    - Eng Kandidatur fir an den Comité kann all Member stellen, wann en mindestens 1 Joer Member am Fanclub ass, an mindestens 18 Joer huet, dëst soll bis spéitstens Punkt 3 an der Generalversammlung gemaach sinn.
    - Déijéineg Comitésmemberen, déi op der Austrëttslescht stinn, kennen eng nei Kandidatur stellen, bis spéitstens Punkt 3 an der Generalversammlung.
    - Vun enger Famill däerfen maximal 2 Memberen am Comité sinn.
    - Déi gewielten Comitésmemberen bestëmmen an enger Comitésversammlung ënner sech wien wéieen Posten ausüben soll.
    - Den Comité kënnt esou oft ewéi et Situatioun et verlangt zesummen, awer mindestens 3 x Joer.
    - Fir Beschlossfäeg ze sinn, mussen 3/5, 4/7 oder 5/9 vun den Comitésmemberen an der Comitésversammlung präsent sinn.
    - Bei Stëmmen Gläichheet gëllt dem President seng Stemm 2x.
    - Déi uerdentlech ( Generalversammlung) an ausseruerdentlech Versammlungen ginn vum Comité aberuff.
10. Generalversammlung gëtt all Joer am Februar ofgehalen.
11. Generalversammlung gëtt vum President geleet, an kann nëmmen an Präsenz vum President an Sekretär ofgehalen ginn. Allerdéngs kennen des Leit vun engem Member per Mandat vertrueden ginn.
12. D' Opléisung vum Fanclub an d' Liquidatioun vun sämtlechen Compte, déi dem Fanclub gehéieren, erfollegt no den Bestëmmungen vun Gesetz Art.18a24.
    - Am Fall vun enger Opléisung vum Fanclub gëtt d' Veräinsverméigens un d' Sozial Amt vun der Gemeng Préizerdaul.